PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landesplanung & Wunnéngsbau weiderzeleeden.

D'Ministeren hu gëschter an enger Pressekonferenz déi nei Rapporte vum Observatoire de l'Habitat virgestallt, aus deenen ervirgeet, dass zu Lëtzebuerg nach 3 732 Hektar Land fir de Wunnengsbau kéinte benotzt ginn an deemno Platz fir 300 000 weider Persoune wier. Weider geet aus der Nott n°29 ervir, dass d'ëffentlech Hand, also de Staat, d'Gemengen an d'ëffentlech Bauträger/Fonge ronn 505 Hektar Bauland besëtzen. Dëst ass zwar nach net esou vill, wéi d'Privatfirme besëtzen, mee ëmmerhin kann een domadder schonns ee groussen Deel vun deenen 142 000 ugekënnegte Wunnengen hei am Land bauen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn (Gemeng, Fongen, Staat), goufen an deene leschte 5 Jore bebaut? Wéi vill Wunnenge fir wéi vill Persounen goufen op dësen Terraine gebaut?

2. Opgeschlësselt no Kanton, wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn, sinn aktuell nach net bebaut?

3. Wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn, ginn de Moment bebaut?

4. Fir wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn, leit nach kee PAP vir?

5. Fir wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn, leien nach keng Baugeneemegunge vir?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député